N°2818
Entrée le 25.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vum Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 2818 vum 28. August 2025 vun den honorabelen Deputéierten Madamm Alexandra Schooss an Här Jeff Engelen.**

*1. Sinn Etüden hei zu Lëtzebuerg um Lafen oder geplangt, déi de potentiellen Impakt an déi domat verbonne Risike vun autoproklaméierte Life Coaches op déi mental Gesondheet vu Jonke wéi och vun Erwuessenen ënnersichen? Wann et schonn Donnéeë ginn, wat sinn hei d'Conclusiounen?*

Aktuell si keng Etüden hei zu Lëtzebuerg um Lafen oder geplangt, déi de potentiellen Impakt an déi domat verbonne Risike vun autoproklaméierte Life Coaches op déi mental Gesondheet vu Jonke wéi och vun Erwuessenen ënnersichen.

*2. Sinn der Regierung konkret Fäll bekannt, bei deenen eenzel Persounen duerch Life Coaches op de soziale Medien oder am reale Liewe bedrunn oder ausgenotzt goufen?*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet huet keng Kenntnis vu konkrete Fäll, bei deenen eenzel Persounen duerch Life Coaches op de soziale Medien oder am reale Liewe bedrunn oder ausgenotzt goufen.

*3. Wéi ass d'Ausübung vum sougenannte Beruff Life Coach aktuell zu Lëtzebuerg gereegelt, a wéi vill Persoune sinn den Informatiounen no, déi der Regierung virleien, an dësem Beruff aktiv? Ass d'Regierung gewëllt, op nationalem Niveau Initiativen ze ergräifen, fir eng Reglementéierung vun dësem Beruff an d'Weeër ze leeden? Wa jo, a wéi engem Zäitraum, a wéi wëll si do virgoen?*

Life Coaches brauche fir hir kommerziell Aktivitéit eng Handelsermächtegung, eng « Autorisation d'établissement activités et services commerciaux » vum Wirtschaftsministère. D'Unzuel vun Autorisations d'établissement fir Commerce déi spezifesch fir Life Coaches ausgestallt sinn, ass net bekannt.

D'Regierung gesäit aktuell keng weider Reglementéierung vir.

Lëtzebuerg, den 25. September 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez